

U N I O ' N

D'SCHAFFEN VUN DER RÉSISTENZORGANISATIO'N

ZU HESPER AN ÈMGE'GEND

WAEHREND DER OCCUPATIO'NSZEIT

ERZIÉLT

VUM

POL JOMÉ

DISTRICTSCHEF VUN DER UNIO'N

D'schaffen vum der resistenzorganisatio'n zu Hesper
an emge'gend während der occupatio'nszeit-erzielt

vum
Pol J o m é

districtschef vum der Unio'n.

Den zeitôfstand ass haut gro'ss genuch fir datt d'geschicht sech
én définitivt urtél iwer de' lescht 30 joer erlâbe kann. Ent stét
fest: Europa huet versôt beim versuch, de' onmass vu politeschen a
weltwirtschaftleche problèmer, de' nom 1. weltkrich opgeworf go'wen,
enger adäquater an dauernder le'song entge'ngt ze fe'eren an onst
continentalt liéwen a nei bannen ze léden. D'resultat dovum wor, datt
Europa vum enger wirtschafts-crise an de' âner, vum enger politescher
oprégong an de' âner gefall ass. Amerika hát sech vum völkerbond a
vum der europäescher politik distanze'ert, huet sech isolationis-
tesch ôfgekapselt an onse welt déel ganz eleng wurschtele gelôss.
D'schwiereregkêten an der âler welt hun sech um enn ëmmer me' gehéft
a schliesslech eso' én emfank ugeholl, datt all sëtzongen vum
völkerbond an all âner verhandlungen nêt emstand woren, Europa eng
dauerhaft comproméssle'song, a nach vill we'neger én définitivenaus-
gleich téschent déne verschiddene rivalite'ten a revendicatio'nen,
also eng uerdnong am fridden op d'bén ze brengen.

An Italien ko'm 1921 den e'schte gro'ssen ëmschwonk. Mam Musso-
lini sengem marsch op Ro'm wor de faschissem définitiv um rüder.
Dât âlt Europa huet d'gefôr zwar erkannt, konferenzen hun eng de'
âner ôfgele'st, mé hannert dér echt démokratescher façade hu sech
hémlech nei politesch tendenzen ëmmer me' deitlech ôfgezéchent. Och
nei staatsrechtlich a sozial europäesch stre'mongen hu no a no de'
âl systémer ëmmer me' gesicht ze verdrängen a mir konnte gesin, we'
de nationalissem vum dâg zu dâg me' stârk go'w, we' d'vëlker sech
ëmmer me' vum den démokratesche staatsformen ôfgewand a sech dem
prinzip vum der staatsautorite't zo'geke'ert hun, we' verschidde
länner op neiem wé den ausgleich vu kapital an arbecht versicht hun.
D'zentralistesche staatsgewalt go'w lues a lues tromp. De' wirtschaft-
lech énzeltintressen vum déne verschiddenen erwerbssklassen go'wen
dem staatswuel ënnergeurdnet, d'gewerkschaften an d'verbänn go'wen
emgeformt an no de gesichtspunkten vum der staatsraison ausgericht.
Et go'w versicht duerch öffentlech-rechtlich organer d'zerassenhêt
zwëscht kapital an arbecht, zwëscht industrie a landwirtschaft,
zwëscht kéfer a verkéfer auszegleichen. Aus dér zeit sin ons de' be-
grëffer we' berufsständesch-uerdnong a korporatio'n jo nach ganz ge-
léfeg.

Eng dem faschissem géschteg an organisatoresch verwandt entwéck-
long huet geschwënn drop an Deitschland agesât. Am januar 1933 ass
et dem nazissem gegléckt, d'führong ënnert dem Hitler u sech ze
reissen.

A Frankreich wor de parteikampf eso' hefteg we' nach ni; d'mi-
nisterkrisen wore bâl nêt me' ze ziélen. D'franze'sch vollek wor
onze-fridden a ko'm doduerch se'er zu enger stârker lénksschwenkong
matt kommunistescher tendenz. An der arme' huet d'disziplin stârk
nogelôss, hei an do si gro'ss grèven ausgebrach a me' ewe' émôl sin
dérarteg démonstratio'nen vum militär ënnerdréckt gin. E frappant
beispill vum dem gewaltege niddergank a Frankreich wor de' paris-
ser expositio'n vum 1937, wo'vun elauter grèves perlées a grèves sur
le tas, de franze'sche pavillon bis zum enn vum der ausstellong nêt
fêrdeg go'w.

England ass trotz der Entente Cordiale an dem Gentleman's Agree-
ment vum 1932 an all déne joeren nêt an allem éneg matt Frankreich
gâng a we' 1936 bei der Rheinlandbesetzung duerch den Hitler, d'fran-
ze'sch arme' agreife wollt, dun huet England seng ënnerstëtzung ver-
sôt.

Den Hitler iwerhëllt d'régie - D'friddenschalméi an
d'Sigfriedschwert - De Goebbels sche'sst d'Europa
vu Versailles "sturmreif".

Vun 1933 un huet Deitschland all disponibel kräften, et wore
bis u 6 millio'nen chômeuren, an den arbechtsprozess zréckgeworf
an si an d'rüstongsbetrieber fir de krich agesát. De' áner auropä-
esch länner wore we' blann, an si hun der ganzer geför, de' sech
iwert Europa zesummezunn huet, o'ni de' ne'deg réactio'n nogekuckt.
We' den Hitler der welt ëmmer op é neiss virgeschwát huet, sein
héchst ziel wier sengem vollek, an domatt ganz Europa, de fridden
z'erhalten an ze secheren, du hun de' áner länner de' verspriéchen
fir bór mēnz opgeholl an hun hié gewärde gelöss. A wann hié bei
sengen e'schten husarestéckelcher nach ganz virsechteg wör a ge-
zéckt huet, well e nēt secher wor op Frankreich oder England oder
eng zeitlång och Italien him dertēschent fonke kēnten, dann huet
hién de' récksichten allmänlech ganz kēne fále lōssen. Well et wor
kén do fir sech sengen projéen entge'ngt ze werfen. Elong wollt kén
sech riske'eren, a fir én zesummegeen huet kén dém áneren genuch ge-
traut. Du hát den Hitler licht spill; hién hát de schwäche punkt
vun dénen áner fond a w' hiénerémeng wēlles hát, huet hién der welt
nés é gro'sst a feierlecht friddensverspriéchen ófgeluoht an dann
huet en zo'gegraff. Eso' huet hién den 12. märz 1938 E'streich an-
nekte'ert a wann démols de Mussolini och nach e we'neg mam séwel ge-
rasselt a matt sengen 8 millio'nen baionetten bramabase'ert huet,
dann ass et ower dobei bliwen, well den Hitler wo'sst du scho me'
ewe' én do'degt schōf. D'achs Ro'm-Berlin wor schon am gāng zusumme-
geschwēsst ze gin. Dem Hitler sein télégramm: "Duce, das werde ich
Ihnen nie vergessen" sét genuch. Den nazien ass de kamp ëmmer me'
geschwollen, vun dāg zu dāg ass hiren appetit gewues. Am september
1938 wor d'politesch spannong eso' gro'ss, datt Frankreich mobili-
se'ert huet.

De Chamberlain an den Daladier sin zwar den 29. september 1938
op München geflunn an hu mam Hitler én accord getraff dé nēt vu
lānger dauer wor. En e'scht treffen Chamberlain-Hitler wor négativ
verlāf an Deitschland huet am märz 1939 ferdeg bruecht, datt Slowa-
kei sech vun der Tschechei gele'st huet an é selbstānnege staat gin
ass. Domatt wor d'spill nés gewonnen an de 15. märz go'w Prag besát,
an o'ni é schoss, wann ech gelifft. Italien wor an der zwēschenzeit
én treien allie'erte vun Deitschland gin. Hatt hát gele'ert we' én
et mecht fir zu eppes ze kommen an de 7. abril 1939, op kuerfreideg,
ass de Mussolini an Albanien agefall. Eso' huet ronnderëmmer d'poli-
tesch lāg sech ëmmer me' zo'gespētzt an den dommsten huet gespuert,
datt é schwe'ert donnerwié am unzock wār. Vun westen bis de'f
an de Balkan a no Griechenland hin hun d'lānner fir hire bestand ge-
ziddert an eise centenaire, dé mir nach an eso' goldener erēnnerong
hun, ass an enger zeit vun héchster politescher spannong gefeiert
gin. Am brēnnpunkt vun der diskussio'n sto'ng démols d'frō vun
Danzeg an zo' Danzeg sollt och dēs ke'er d'polferfāss explode'eren.

We' de président Lebrun den 3. august 1939 no Lëtzeburg kom ass,
du ass de' francophil gesēnnong vun eiser populatio'n spontan an
éndeiteg zum ausdrock kom. Mir hāten domatt schon inoffiziell stel-
long bezunn an dér gewalteger ausenānersetzong, de' onnēttelbar be-
virsto'ng.

An de gro'ssen troublement vun den ereignisschwēeren dég ass
den 18. august we' eng bomm d'nouvelle vun russesch-deitschen pacte
de non-agression geplatzt. Et wor eng weltsensatio'n. Den Hitler hát
ganz raffiné'ert gespilt; hié wollt dēs ke'er én zwō-fronte-krich
vu vireran ausschalten. An du go'ng et se'er. Den 31. august ko'm
d'note vun Hitler u Polen matt déne berühmten 16 punkten.

D'heure "H" - Deutschland sche'sst erëm!

Den 2. september huet Deutschland Danzeg annekte'ert an huet "erëmgesschoss".

Den 3. september, op é sonndeg, hun England a Frankreich de Preisen dorophon de krich erklärt. We' de Ribbentrop dem franze'schen ambassadeur bemierkt huet, duerch de' krichserklärung ge'f d'verantwortong um krich u Frankreich an un England zréckfâlen, du huet de Mr. Coulondre den historiesche sâtz geprägt: "L'histoire en jugera"!

Vun dém dâg un sto'ng mir matt engem fo'ss am krich. Eis härzer hu gebängt fir d'schécksâl vu Polen a si hu gekrasch, we' Russland och nach de 17. september iwert dât schwe'ert gepre'ft Polen hirgefall ass. Geléentlech eiser centenaire-feier hât den Hitler versprach, eis neutralite't ze uechten an ze respecte'eren. Gené de' selwecht garantie huet en am november 1939 Holland a Belgien gin. A jidderén wéss we' "gewëssenhaft"hién dât verspriechen agele'st huet.

"Une drôle de guerre" - "Eine schöpferische Pause" -
"A l'ouest rien de nouveau" - Eis sympathien.

No der kapitulatio'n vu Polen waren d'krichshandlongen eng lãng zeit zimlech ro'eg an d'militäresch operatio'nen hu sech me' an der loft an um mier ofgespillt ass we' um land. Mir hun zwar matt gre'ss-ter spannong a satisfactio'n d'klappjuegd op de "Graf Spee" verfollegt, mé mer kruten es allmählech sât, am franze'sche communiqué dâg fir dâg ze liésen: "Rien à signaler" oder am beschte fall: "opérations de patrouilles et de reconnaissance". Et war we' et dacks gehéscht huet, eng richtig "drôle de guerre" an haut versti mir nach besser we' démols, wat den Hitler gemengt huet, we' e sôt: "Je pourrirai leur guerre".

Hei am land woren d'positio'nen scho lãng bezun. Mir hâten eng gro'ss majorite't, de' trei zum land an zu den allie'erten sto'ng. Blo'ss eng ganz kleng minorite't huet matt de Preise sympathise'ert. Eis sympathien fir d'allie'ert waren ower keng reng gefillssâch, mé si hun sech och praktesch ausgewirkt. Schon am wanter 1939 go'we gro'ss klédersammlongen duerchgefe'ert, zu gonschte vun de franze'schen zaldôten. Vu gewëss associatio'nen si bicher camionweiss an d'magintlinn geliwert gin. Hei an der stâdt huet é geschäft eleng e puer autoe voll pelzer a mântel fir dén zweck gestëfft.

Ech hu mir démols woll verschâft, de' bei de franze'schen organisatio'nen (Alliance Française) ze kre'e war an hu strëmp, schâlen, bols- a kne'wärmer strécke lôsst fir de' franze'sch zaldôten an de schëtze'griéw.

E klengen zwëschenaakt.

Op émol ko'm neit liéwen an de gang vun de militäreschen operatio'nen. Den 9. abrël huet Deutschland Dänemark besât an ass an Norwegen agefall. Mir ware fest iwerzégt, Frankreich an England wiren emstand, d'Preisen a kurzer zeit aus Norwegen erauszewerfen, a mir hâte keng ahnong, datt dén dâg eso' no wär, wo' d'freihëtssonn, "de' mir eso' lãng gesin", op èng lãng zeit fir d'lëscht blenke ge'ng.

De blëtzkrich am westen - D'wehrmacht fällt iwer
nuecht an Holland, Belgien a Lëtzeburg an.

Den 10. mé wor é be'sen dâg fir ons hémecht. Den Dr. Goebbels hat

zwar feierlech versprach d'wehrmacht ge'w Lëtzeburg nëmmen als durchmarschgebidd benotzen an eng amëschong an ons ënner-ugelëéhëten ke'm fir si nët a frô. Mé d'wirklechkët huet ganz âneschter ausgesin. Matt der arichtong vun der deitscher zivilverwaltung huet fir eist land den terrorregime an d'tyrannel ugefângen. Mé we' op commando huet do iéwer och de' e'scht resistenz agesât. E puer stéchwierder gi schon duer, fir datt jidderé wës wât ech mengen; de concert op der plassdarem, d'geschicht vun de spéngelen, d'gëlle frá, dem gau-leiter seng riéd iwer eis francophil astellong, iwert de' verniggert sprôch a.e.w. D'Gestapo hât gleich d'hänn voll ze dun an d'villa Pauly go'w schon an dénen e'schte wochen hirer grujelecher bestëm-mong iwergin. E sturem hât agesât op d'lëtzeburger ôfzëchen, op de' franze'sch béret'en, opschrëften a bicher, jé op alles wât sech matt der preisescher annexio'ngloscht an dér dorop ôfgestëmmter propaganda nët verdroen huet.

Ké klëppelkrich, ma resistenz, matt villa
Pauly a standgericht.

We' d'Lëtzeburger awer gesin hun, datt de Preiss op d'ganzt go'ng, du hun si sech ëmmer me' zesumme-geschloss, an obschon an onsem land vun enger gro'sser traditio'n am politeschen kampf eigentlech keng riéd ka sin aus dem gudde grond, well zënter der franze'scher revolutio'n an déne mémorablen heldendöten vum klëppelkrich onsem nationale bestand keng geföre vu gro'ssem ausmöss gedréet hun, huet sech du é stärke widderstands-mouvement an énzelen clan'e cristallise'ert, schon ir se eppes vun dér e'schter me' oder we'ner organisierter resistenzgrupp L.P.L. (Lëtzeburger Patriote Liga) wo'ssten oder d'golëéhët hâten, matt hir a contact ze triéden.

Mir ass virun enger zeit é bericht an d'hänn gespillt gin, an dém ech matt nach e puer âner leidd hei vun Hesper schon am August 1940 als dé gre'sste preisefrësser bezéchent go'w an op grond vun dém mer all d'Gestapo op de pels geschéckt kruten. Me' eng sche'n auszéchnong hâten d'preisen mir nët kënnen gin.

De' e'scht gro'ss aufgab vun der L.P.L. war d'organisatio'n vun enger uerdentlecher a geschéckter conterpropaganda. Wât hun d'Preisen nët alles an hir zeidongen geschriwen, wât hun si an hire "Schulungen, Gresskundgebungen" a riéden nët alles gesôt, wât fir me'glech an onme'glech tricken hun si nët ugewandt fir eis dovun z'iwerzëgen, datt mir am fong deitsch wiren an datt mir merci soe missten, well si eis eso' o'ni weidderes "Heim ins Reich" huele wëllten. Mé vill Lëtzeburger hâte fir hire "kabes" nëmme verachtong a spott iwreg, an si hun dât verhâlen matt engem openthalt an der villa Pauly, am prisong oder am kazett bezuele missen. Einzelner hun hir trei mam liéwe gebe'sst.

We' schwe'er hei am land den opbau vun enger geheimorganisatio'n wor, ka jidderén doraus ermiessen, datt Lëtzeburg 100 joer lãng frei an onôfhãngeg dosto'ng, datt ké fir d'lédong vun eso' enger ënner-grondorganisatio'n de' ne'deg virbildong hât, datt alles, ower och just alles vun ufank un opzëbaue wor, an datt, we' d'sãch bis eng ke'er op d'bé gesât war, de' fãhrend leidd vun der Gestapo geschnappt go'wen oder sech dach we'negstens hu missen duerch d'bascht mâchen.

D' resistenz wiest an organise'ert sech trotz
Gestapo a kazett.

Trotzdém ass an dem opbau ëmmer me' system kom. E ganzen organisatio'nsapparat ass geschäfte gin, én opératio'nsplang matt engem kloere but an engem feste programm go'w opgestallt, d'mëttele si vun alle seiten an a reichlechem môss dem patriotesche wiérk zo'gefloss, an d'organisatio'n war an der lág, de'politesch bedrängt compatrioten z'ënnerstëtzen an hinnen eng existenzme'glechkêt ze secheren, o'ni datt si op de' sozial mé matt politesch zwecker verfilzt preisesch wiérker vun der N.S.V. an dem W.H.W. ugewise waren.

Et ko'm dén traureg-denkwirdegen dág vum 14.oktober 1940, wo' jidder Lëtzeburger gären d'härzbludd ugänge wir, we' d'preisesch kulturträger de Monument du Souvenir, ons "Gëllefrâ" ëmgerappt hun. Vill Lëtzeburger männer, frâen a stodenten hun et démols nêt férdeg bruecht, hirer gerechter roserei zwank unzedun, an eng ganz rëtsch vun hinnen go'w verhaft. Dát war nés én uerge schläg fir eis resistenz. Mé mir hun de Preisen d'arbecht duerfir nêt me' licht gemâcht. Wann si gemengt hun, si hätten der hydra vun der widerstandsorganisatio'n de kapp erôfgeschloen, da si siwen âner erëmgewuess. Eso' sin aus enger organisatio'n geschwënn en etlech âner entstânen, niéwt der L.P.L., d'L.R.L., d'L.V.L., den L.F.B. a verschidden âner kleng gruppen. Vun 1940 op 1941 hun ech zu Esch eso' enger klenger resistenzgrupp ugehe'ert, de' sech "Alverage" genannt huet. Dé grupp ass am august 1942 en bloc verhaft gin. Bei déne wor och de Nic. Cornelius vum schlass.

D' resistenz am dengscht vun de franze'sche
prisonne'er.

Vill franze'sch prisonne'er sin duerch onst land kom, an op hirem wé no hém sin si vun eis matt liéwesmëttelen, kléder, päss, kârtten, kompassen a geld versi gin. De' leidd ko'me bei eis mëschtens a ganz épuise'ertem zo'stand un. Mir hun si ënner dág geholl a bekäschtet bis s'erëm hirgestallt waren an du hun Lëtzeburger passeuren si iwer d'grenz gefo'ert. Matt we' gro'sse gefôren de' opératio'nen verbonne waren, dát kënnen nëmme de' wëssen, de' eso' eng charge émol oder och me' dack ënnerholl hun. Ech hun é franze'schen prisonne'er, dém seng nerven dérmôssen um hond waren, datt et mir richteg onhémlech gin ass, émol owens an d'haus Kaysen gefe'ert. En huet och richt eraus gesôt: "Wann ech gesin, datt é mech verrôden oder an eng fâl lakkele wëllt, da sin ech zum leschten entschloss." Dát mësstrauen vun eso' leidd war aus hirem désolâten, physeschen a nach me' moraleschen zo'stand ze verstoen. Ech ka versecheren, datt et engem we' gedoen huet, wann eso' jongen emol nêt eso' keng waren, hire numm an hir adress ze verrôden, eleng well si iwerall verrôd oder eng fâl gewittert hun. Vill âner awer, de' eis an d'hänn gelâf oder geliwert si gin, hu sech eis o'ni réserven unvertraut, well si gleich gespuert hun, datt si matt oprechte frënn ze doen hâten. Et si vill franze'sch prisonne'er hei an der gemeng passe'ert. Wât nëmme irgendwe' an onse kräfte sto'ng, hu mir fir si gemâcht, an d'nârz huet eis gebludd wa mer he'eren hun, datt si ënnerwé verongléckt sin we' dén, dé bei Entringesch Heng gestuerwen ass, oder dén âneren, dé beim Syrener tunnel erôfgefall a leie bliwen ass.

Resistenz iwerall.

Wát de preiseschen drock sech me' verschärft huet, wát de resistenzgedanken am Lëtzeburger volléck sech me' fest verankert huet. D'Lëtzeburger hun hir existenz an hirt verme'gen an d'schanz geschloen fir nēnnen de Preise keng concessio'nen brauchen ze máchen. Nodém eist militär scho láng de' deitsch neiuerdnong kannt huet, ko'm am februar 42 eis police un d'reih. Et fällt och an de' périod, wo' eis Hesper police Robert matt allerhand kniffen aus dem dengscht ausgetratt ass. Hién huet virgezun matt frá a kanner op Syren als kniécht schaffen ze goen ass we' bei der police virun dengscht ze máchen. Bei him a bei der familjen Hoffmann hát d'resistenz zu Syren vill eisen am feier. Op d'familjen Hoffmann sech déne réfractairen wuel nach all erēnnere kann, de' bei hir verstoppt woren? Et waren der alt oft 10 zu gleicher zeit.

Vun engem gudde patriot a resistenzler aus dem bassin minier war ech beoptrágt gin ze versichen, duerch bre'f eiser regierong zu London mattdélong ze máchen iwer alles wát si konnt intresse'eren. Matt hēllef vu mengem frēnd Vict. Feyder vu Fenteng hu mir ēnner dem num Melusine eng zuel bre'f geschriwen. Ech hun se beim abbé Jost, kaplōn zu Esch, ôfgin, dén se viru gelét huet. Leider ass den abbé Jost spe'der verhafft gin an de' verbindong go'w eso' ēnnerbrach. No der libératio'n huet den h. Bodson gesôt, datt eso' bre'f zu London ukommt wāren.

Ausser eiser organisatio'n L.R.L. (Lëtzeburger Ro'de Le'w) war och d'L.V.L. (Lëtzeburger Volléckslégionnāren) an eiser gemeng activ an d'háptleidd waren zu Hesper: Camille Astgen, zu Itzeg: Gustave Forette, Pier Sontag an Mich Decker, zu Alzeng: Nic. Wester a Rudi Els.

Finanziell suergen huet eis organisatio'n nēt kannt. Mir hun zu Hesper 330 245 frang (drei honnert drēsseg dausend zwé honnert fēnef a ve'erzeg) gesammelt a weidervedélt. All déne gudde patrioten, de' der organisatio'n op de' mane'er eso' gudd virugehollef hun, én hiérzleche merci vun dēser plätz aus.

De mann matt der drummsé.

We' beim zesummebroch vu Frankreich d'zich matt de franze'schen an engleschen prisonne'er duerch eist land gefuer sin, ass dem Camille Hoffmann vu Syren, we' en um feld geschafft huet, é mann opgefall dén, matt enger drummsé an der hand, vir am bēsch stong. Seng klédong huet nēt op é bēschmann schle'sse gelōss, an hién huet gesicht, sech de blécker vun de leidd z'entze'en.

No enger weil huet en dach de courage an zwo' hānn geholl, ass bei de Camille kommt an hién op englesch ugeriéd. Et war én engleschen aviateur dén zu Betzdorf aus dem zuch gespronge war. Hién hát zum dél zivilkléder kritt an d'leidd hāten him eng drummsé an d'hand gedréckt fir en ze tarnen.

Ve'er dég láng war hié gáscht am haus Hoffmann zu Syren. Den Hoffmanns Léo huet hién op Lëtzeburg bruecht; den Englānner ass an d'amérikanesch gesandtschaft gāngen o'ni dem Léo nach weider é liéweszéchen ze gin. Hié war, we' et geschengt huet, vun dém moment un a gudden hānn. Seng adresse ass: Victor Salvage, Eastbourne, Road Vicarage, Sussex, England.

Hei zu Hesper.

Ge'ngt d'enn vum joer 1941, dat fir Emmer matt der feiger at-taque vu Pearl-Harbour verkneppt ass, sin ech matt nach anere frënn der organisati'o'n L.R.L. beigetratt. Si huet besonnesch an der minetts-ge'gend domine'ert wo' iwregens och de grënner dervu wor. Niéwend der beruffsarbecht woren all eis gedanken op d'résistenz gericht an de' huet engem all dâg nei problèmer opgin.

Matt der collaborati'o'n vum engem gudde kollég, dén zum d'od verurtélt go'w, hu mir hei zu Hesper resp. zu Dummeldeng-Eech, Weimerskirch ugefângen d'L.R.L. opzebauen. Enzel gudd patrioten waren engem scho bekannt an eng hallef doze membre waren hurteg zesummen. Den e'schten dé mir sei vertraue geschenkt huet, war de Kaysenches Isy. Hién hát och wëlles matt sengem brudder Jang aus dem preiseschen hexekessel fortzelâfen. Alles war préparé'ert, d'franze'sch geld an d'pâss waren do, de passeur huet zu Esch op si gewârt, mé duerch én accident ass neischt aus der sâch gin.

Den 19. abrêl sin de' e'scht membre verédegt gin. Et wâren: de Kaysen Isi, Mullenbach Camille an Hopp Misch. Dén dâg ass de grondstén zo' engem wiérk geluegt gin, dat sech zum beschten vum eisem jonktem a vum ganze land ausgewiérkt huet. Ent war ech mir awer vu viruxa kloer: dat war de' ongeheier responsabilite't, de' matt dem opbau vum enger organisati'o'n verbonne war. A wa mir d'sâch bis un d'enn glécklech duerchfe'ere konnten, dann ass et och niéwt dér gro'sser chance de' mir bei all eiser arbecht hâten, der virsecht vum eisem virgoen zu engem gudden dél ze verdanken.

D'arbecht aus er e'schter zeit war licht ze mészteren. Ge'ge-propaganda hu mir op all mane'er gemâcht an zum gléck war d'zuel vum onsen énnerstétzongsbedürftigen politesch gedréckten aus der gemeng zimlech kleng. Lues a lues ass ons memberzuel gewuess an onsen e'schte comité ass gewiélt gin. Och um Ho'wald ware schon e puer mann un der arbecht an eso' bâl we' mir ons kannt hun, hu mer zesummege-schafft an eis an enger sectio'n zesummegeschlossen.

De gauleiter proclame'ert d'wehrflicht -
D'résistenz - De generalstreik - De' e'scht
ersche'ssongen.

We' é blétz aus kloerem himmel ass den 30. august 1942 vum gau-leiter d'wehrflicht proclame'ert gin. Et war bâl nôt ze gléwen, datt eis jongen, de' am de'wsten hârz alles gehâsst hun, wât preisesch war, elo op émol sollten an d'nazi-uniform gestach gin, fir op hir al-lie'ert frënn ze sche'ssen.

D'vollekk huet op de' onerhe'ert gewaltmesure matt engem general-streik geântwert a vum dénen 21 victimen ass bei dér geléenhêt och én aus eiser gemeng, den Zeimes Léo, énnert de' durop erfollegt énnerréckongsmesure a bluddurtéler gefall.

D'Preisen hâte gemengt, duerch ersche'ssongen, proclame'eren vum ausnahmezostand a masseverhaftongen kénnten si d'oppositi'o'n vum Lëtzeburger vollekk bännegen an hât op d'kne'en zwe'ngen. Si hun hir gewaltverurdröngongen brutal duerchgefe'ert an den 18. oktober 1942, op Hesperkirmessonndeg, hun de' e'scht Lëtzeburger bei d'wehrmacht goe missen. Wât war dat eng oprégong an eng oppositi'o'n am land a we' hun eis jongen op all me'glech mane'er hirer antipathie loft gemâcht. Wién dem départ vum dém e'schte Lëtzeburger rekrutenzoch op der gare beigewunnt huet, dén huet sech soe missen: gare de Russen, wann de' bis ugeroden.

Vun dém moment un huet d' resistenz missen a ganz áner bunne gelét gin. Matt momenter hát et den uschein we' wann alles zesummebriéche geng, ganz apart dann, wann d'gestapo an engem stréich eng partie patriote verhaft a matt alle mëttele versicht huet, d'háptnascht vun der organisatio'n ze fannen an onschiédlech ze máchen. Mé mam zo'huele vum naziterror huet och de Lëtzeburger dévouement, de patriotissem an d'hëllefberétschaft gleiche schrëtt gehálen an de feste wëllen, bis zum leschten duerchzehálen.

We' mir zu Hesper resistenz gemácht hun -
Opbau vun der Hesper-sectio'n.

We' mir de' e'scht comités-sëtzong ofgehálen hun, do go'w mir de posten vun président a caissier iwerdroen. Ech sollt also domatt d'geld anze'en an d'verdélong dervun iwerhuelen o'ni awer dobei eng léscht ze fe'eren. Ech war d'accord éinner dér conditio'n, datt et mir erlábt wär an irgend enger form notizen ze máchen. Ech hu mir zu dém zweck é geheimcode opgestalt vun dém kén áneren de schlüssel hát, fir datt bei engem allfállegen iwerfall duerch d'gestapo kengem ánerer schwieregkëten erwuesse kënnten. Hei ass de code:

a b c d e f g h i j k l m n o p q r s t u v w
8 12 15 1 7 3 51 09 14 24 65 10 2 13 23 91 22 25 42 16 21 26 20

x y z
11 17 82

D'cotisatio'nen waren d'e'scht zeit freiwëlleg an u kén termein gebonnen. D'organisatio'n huet wer all dág me' geld gebraucht a vu mé 1943 un ass fir all mo'nt é minimalbeidrag vun 3 RM. obligatoresch gin. Finanziell war eis sectio'n kémol an no't well d'recetten ons dépensen bei weidem dépasse'ert hun, so' datt mir régelmasseg nach gro'ss zommen un d'zentralcaisse iwerweise konnten.

Hesper huet eng gudd press.

Zo' eistem stolz an zo' eiser gre'sster satisfactio'n siéw et hei beto'nt, datt de mustergéltegen opbau an de' gewëssenhaft fe'erong vun eiser organisatio'nsgrupp allen L.R.L.-kréser als beispill virgehále go'w. Ons léschtongen hun d'unerkennong vun onse chef fond, zo' Lëtzeburg eso' gudd we' an der minettsge'gend, spéziell zo' De'fferdang, wo' den háptsätz war, wo' all fiédem vun der L.R.L. zesummege'laf sin, wo' mer eis franze'sch prisonne'er an eis jongen hi geliwert hun, fir si vun do weider an d'Frankreich ze brengen, wo' an enger énzeger galerie 120 jongen beienén so'tzen, besonnesch do hát d'sectio'n Hesper hire beschte num. Mir sto'ngen do als é geschlossene, énhétleche grupp, wo' alles geklappt a richtig fonctionne'ert huet a wo' d'liéwesmëttelen an d'gelder reichlech erako'men.

D'waffe komme nët.

Op eistem programm sto'ng och d'bescháfong vu waffen fir beim énschwonk op all fáll gefícht ze sin. Dé punkt konnte mir awer nëmmen délweiss duerchfe'eren a mir hu gemácht wát an eise kráften a beschránkte mëttele lo'g. Emol sollten si an engem waggon matt stre' verpákt ukommen. Eng áner ke'er soll d'armée blanche oder den X-37 eis se verscháfen. Eso'guer war geplangt, se vun der R.A.F. parachute'eren ze lóssen. Mé de' plangen go'we nimóls réalise'ert. Et war alt domatt we' dacks am liéwen: hëllef der selwer, dann hëlleft och den hergott!

We' et sche'ngt hun d'allie'ert ons Lëtzeburger den opbau vun engem maquis, déen éscht ze huele wor, nët zo'getraut an duerfir sin d'waffen ausbliwen. D'hauptsäch war, we' den ëmschwonk kom ass, do wöre mir gudd genuch équipe'ert fir d'ro' an d'secherhët vum land oprecht zerhâlen.

Eis "passeuren" hun d'hänn voll ze dun.

Vill franze'sch prisonne'er sin 1941-1943 duerch eist land gestreift an hu versicht hir "doulce France" z'erréchen. D'zuel vun dénen, de' duerch eis hänn gänge sin oder duerch eis indirekt matwirkung virugehollef kruten, ass eis nët bekannt. Si sin aus enger hand an de' âner kom, a bei weidem de' mëscht sin och hél a glécklech am Frankreich geland. We' de' franze'sch gefängen an eso' gro'sser zuel déserte'ert sin, du hun d'preisen se am westen ewechgeholl a me' östlech transporte'ert. An eis grenzge'gend go'we Serben a Russen geheit. Den 11.november 1942 huet Deutschland Frankreich ganz besât an domatt waren d'chance vun de franze'sche prisonne'er vill me' kleng, fir sech dem preiseschen zo'grëff z'entze'en. D'zone libre war bis dohin é sechert gebidd gewiéscht, dât villen politesche flichtlengen, dorënner och enger gro'sser zuel vu Lëtzeburger, én asile gebueden hât. De' franze'sch police huet am gro'sse ganzen gengt preise geschafft an si sto'ch matt den "organisations clandestines" aus déne verschiddene länner ënner enger decken. Si huet eise jongen a flichtlengen dât gre'sst verständnëss entge'ngt bruet an huet duerch d'fangere gekuckt, wo' et hir nëmme me'glech war. Et ass alt virkom, datt Lëtzeburger jongen, de' kurz virdrun hire falsche pass ere'scht vun eis kritt hâten, beim passage vun der ligne de démarcation oder vun der grenz emol hire neie num vun elauter oprégong nët wo'ssten oder eng partie vun hinnen nët franze'sch schwätze konnt. An dach konnten si ongeste'ert hire wé goen. Duerge'ngt huet iéwer d'Laval-polizei ganz am sënn an am intressi vun de Preise geschafft a vun département zu département eng ganz streng controll duerchgefe'ert. Vun dém moment un ass Frankreich als asile-gebidd fir eis flichtlengen a réfractaire kaum nach a frô kom.

An der Belsch sin duerno eiser leidd nach weider ënnerkom, mé ech hât ni ganz fiduz an de' placementer well d'Belsch de' dichst populatio'n vun Europa huet an och well dât land we'nt senger geoformatio'n vun der gestapo vill me' licht ze kontrollere war. Zo' eistem gre'sste bedauere s' jo och do vill Lëtzeburger vun de Preisen opgefëscht gin an eng gudd partie ass, wa se matt de waffen an der hand ugetraff go'wen, me' spe't erschoss gin. Zu déne gehe'ert aus eiser gemeng de Marcel Bour vun Itzeg.

Op der sich no "stoppen" fir eis jongen.

E gudden déel vun eise réfractairen a politeschen déserteuren hun duerfir guer nët versicht an d'ausland z'entkommen, mé si hun sech hei am land eng "stopp" gesicht. Bis ugangs 1944 ware mir hei an der ge'gend nimôls verléen, fir si ënner dâg ze brengen. We' awer mam anze'en vu neie joergäng d'zuel vun de jongen ëmmer me' gewuess ass, do waren op emol ons stoppen iwerfëllt a mir wo'sste muenchmol onser hänn ké rôl me'. Mer hun trotzdem ëmmer én auswéfond. Eso' se'er we' eis jongen op urlaub ko'men, huet é vun eis sech un si erugemâcht a sonde'ert, op si gewëllt waren nés "hannescht" ze goen oder sech duerch d'bascht ze mâchen. Op dât nun Hesper oder Itzeger, Alzenger oder Fentenger jonge waren, mir hun do kén ënnerschéd gemâcht. Mir hun eis hirer matt ganzem hârz ugeholl a si a secherhët bruet.

We' mir "eis réfractairen agebunkert" hun.

Iwer de' frô si mir haut stolz a fro' ze schwätzen an ze schreiw-
wen, elo wo' et eriwir ass. Et war eng schwe'er charge, mā als gudd
patrioten hu mir all verantwortong an all risiko behärzt iwerholl,
a mir hu keng me' a kén affér gescheit, fir de' he'ch patriotesch mis-
sio'n bis zum enn matt erfolleg duerchzefe'eren.

D'opnām vu jongen huet se'er dack d'ganz hausuerdnong an eso'guer
de gesamten hausplang op d'kopp geheit. Mé duerno ass nēt gekuckt gin,
an alles huet sech frédég der neier situatio'n ugepasst. Fir d'haus-
leidd go'wen extra zéchen verôfriéd matt der schell oder duerch klap-
pen un d'dir. De rot vum ganzen haus go'w zesummegeholl fir de' ge-
égenst a secherst plätz ze fannen an als stopp anzerichten oder aus-
zebauen. Den erfannergéscht an d'initiativ hun do bewonnernswertes ge-
léscht an de' phantasievollst le'songen fond.

War de karschnatz do, an d'zeit fir d'frichten eranzefe'eren, da
go'wen vum scheierdenn un d'garwen eso' getesselt, datt hannen eng
frei plätz bliwen ass, wo', jénodém, e puer oder am no'tfall och nach
8-10 jongen eng zeitlång sech hätten ophåle kënnen. Aner sin zo' engem
extra duerfir prépare'erte lach am stre'ko'p agekroch, de leschten huet
é stre'wësch nogezun, dén ömmer prett do lo'g, an da war d'lach zo'.
Aner bunkere sin an den heiser selwer, um speicher oder am keller a-
gericht gin. Hei é ganz pittoreske fall, dén ech onbedengt erziéle
muss: An engem stall, wo' d'kannengercher frei erëmlåfe konnten, hätten
d'leidd den holzbuedem opgerass an eso' vill buedem erausgebagert,
bis eng stopp fir 4 jongen freigeluegt war. Dé fir d'lescht ago'ng,
huet d'falldir zo'gezun, d'kaneckelen sin erëm helleweg iwer d'hölzer
gedabbert an dé schärfste bléck hätt do neischt anormales gesicht.

Aner leidd hätten et me' licht an dér hisicht. Eso' wés ech én
haus matt engem ganz gereimegen aératio'nsschacht am buedzëmmer. We'
do nach e we'neg no- an zo'gebaut go'w, konnten 4 kadetten sech gemit-
lech dran arichten. Un engem sél hun si sech an hire cachot erofge-
loss, dé 4. huet matt enger betonsplack den ågank zo'gemåt an o'ni
verrôt hätt och dén erfuerenste gestapo si bål nēt fanne kënnen.

An dénen ålen bauerenheiser ass gehummert a gepleschtert gin,
bis um enn é sechere bunker férdeg war oder eng zwét sortie d'secher-
hét vergre'ssert huet. Vun engem gudde patriot wéss ech, datt hié lång
keng stopp fir sei protégé fanne konnt. Dåg a nuecht huet hién sech
de kapp zerbrach, an é gudden dåg wor d'le'song do. Um speicher hāt
hién bei de' ål mauer eng tuffzillewand gericht an téschend dénen 2
maueren konnt de jong et gudd aushålen. An engem bauerenhaus matt
engem sche'ne verwëllefte gank hun d'leidd nēt gezéckt fir an der
stuff an an der kummer de gewichste fo'ssbuedem opzereissen an iwert
dem gank eng stopp ze schåfen, an de' 2 jongen sech am no'fall zréck-
ze'e konnten. Der madam vum haus en extrae kompliment!

Datt d'bunkeren sech bewährt hun, dāt hu mir gesin, we' de' gro'ss
razzien zu Alzeng an aller hérgottsfré' öfgehåle go'wen. 60-70 mann
polizei hätten sech fir é gro'sse coup de filet gesiemelt. Matt ma-
schinnepisto'len sin si an d'heiser agebrach, hu matt alle mēttelen
versicht, d'leidd anzeschüchteren, hu se gesto'ss an hinnen schwe'er
gedrét, mé ir én sech ömsinn hāt, so'tzen eis réfractairen an hire
bunkeren an d'preisen hu missen erëm o'ni dé geringsten erfolleg öf-
ze'en.

E falschen alarm.

Et gó'rg ower nēt domatt duer, datt stoppen a bunkeren agericht
waren. Et huet och missen traine'ert gin, fir an engem minimum vun

zeit an o'ni tapage ze verschwannen. Huet et déne jongen awer neischt gesôt fir ze üben oder hun se gefârt fir sech stëppsech ze mân, dann ass alt zu engem falschen alarm gegrâff gin, an da konnt én sech é bild mân, op de' sâch ge'w klappen oder nêt. Ech wéss vun engem falschen alarm zu Syren am haus Hoffmann, wo' dé moment 10 jongen verstoppt so'tzen. Eng auerer 2 an der nuecht go'ng et lass. Du war ké bedenken. Am spronk aus de better, se'er d'trâp erôf, matt plâkege fe'ss duerch de ke'stall an d'scheier, an ir eng me'glechkêt besto'ng fir hinnen zo'zeruffen, war de leschten am bunker an hât de wësch fest an d'lach gezun. Mir hun si eng weil bei der ménong gelôss, d'sâch wier bluddegen iérscht, a we' se du hanneno em eng gro'ss hölze bidden so'tzen é fo'ssbâd ze huelen, du waren si alleguert fro', datt et nëmme spâss war an zefridden, datt alles eso' flott geklappt huet.

Ech hun drop gehâlen, meng liéser zimlech ausfe'erlech matt dém théma ze beschäftegen, fir ze weisen, we' schwe'er mir et hâten fir all de' jongen ze case'eren, de' ons vun alle seiten zo'gescho'stert go'wen. Et huet eis vill zeit, dég a nuechte kascht, si sichen ze fueren oder op de' plâtz ze fe'eren, wuer si sollte "sëtze" kommen. Et huet eis vill affar a muenchmol och eng gudd zomm geld kascht, fir hire ravitaillement secher ze stellen an erbeizeschâfen. Mir hu vill metzleschgâng gemâcht an op plâtzen ondank amplâtz unerkenng fond. Mir hun dât alles fir eis verdammte flicht als gudd Lëtzeburger ugekuckt an am dengscht vun eistem gro'ssen idéal hâte mir keng âner suerg a kén ânere gedanken we' ze handelen no dér sche'ner devise vun eistem Jang de Blannen: "Ech denge mengem land". Mir hu vun eiser "verschummelungsactio'n", we' se hei an do vernannt go'w, keng "acceptation de personnes" gëlle gelôss, mir hu kén dovun ausgeschloss. Wann awer leider énzél jongen aus hirem congé erëm "hanneschter" gefuer sin an haut nach an der front stin oder vleicht schon do gefall sin, da war dât bestëmmt nêt eis schold. A wann elo leidd eis virwerfen, mir hâten hire jong nêt zréckgehâlen, da gét hire reproche un de' falsch adress. De' leidd sollen sech gesôt lôssen, datt mir an dém sënn vun eis aus all, awer och all effort'e gemâcht hun; wann et trotzdem nêt eso' weit kom ass, da waren entwéder d'junge selwer nêt d'accord, oder hir elteren hun aus dëser oder dér ursâch gezéckt.

 D'jongen aus eiser gemeng.

Et ass eis nêt me'glech all de' réfractairen opzeziélen, de' mir verstoppt, iwer d'grenz passe'ert oder matt falsche pabeieren versin hun. Ech zite'eren duerfir nëmnen d'jongen aus eiser gemeng:

- | | | | |
|-----------------|-----------------|------------------|----------------|
| Hopp Misch, | Goergen Armand, | Thill Franz, | Hensgen Misch, |
| Poos Pier, | Wester Ferd., | Thill Jos, | Wies Léo, |
| Braun Jemp, | Scheer Mett, | Frieden Hary, | Bruch Buby, |
| Ury Willy, | Meinen Pier, | Steffen Jang, | Schadeck Jang, |
| Keller Jang, | Mootz Georges, | Walentiny Emile, | Fox Franz, |
| Messerich Pier, | Jacobs Mett, | Wünsch Roger, | Thies Jang, |
| Neuberg Nic. | | | |

An de' lescht woch virum auszog vun den Amerikaner nach während 8 dég de Schroeder Charol an den de Waha Louis.

 Matt falsche pabeieren.

Wa mir vu falsche pabeiere schwätzen, da menge mir domatt d'kennkârtten, d'eisebunnerkârtten an d'wiérksausweiser. De' verschidden zorten hu mir eis op all me'glech mane'eren ergaunere missen. Zwémol wor ech matt engem gudde kollég an den direktio'nsbureau vun Arbed-Belval gângen an hu 54 blanko-ausweiser kritt. Dât waren de' e'scht

laissez-passer de' mir hâten. Huet én déserteur missen d'plätz change'eren, dann ass hién ôfphotografe'ert gin, an da war de pass gleich an der rei. War é gro'ssen trajet ze mâchen, oder ass et émôl op d'ganzt gângen, dann hu mir dem direkter vun der schmelz, dem S.A.-Obersturmführer Broglio, sein auto geholl, a mer si stolz matt der hakenkreizstandart duerch d'land gegondelt, hannen am auto de' verstoppt jongen. Et war eng wonnerbar maschinn, mé si ass matt echt preiseschem holzgâs gedriwe gin, an dât war eis eng ke'er owes spe't zu Syren op én hoer bâl zum verhängnës gin.

Eng quôklech geschicht....kritt é gudd enn.

De' allerméscht déserteure konnten sech duerch é falsche pass ausweisen a munnech jongen konnten der versuchong nêt widerstoen, fir sech och émôl mutwëlleg dermatt erauszewoen. Dât war leider de fall um haff vum hér Jos. Wiltgen zu Millbéch. Do huet d'gestapo é gudden dâg 2 jonge geschnappt, de' am besézt vun engem "organise'erten" werksausweis waren. Et huet nêt vill gefélt, da wier d'ganz familjen Wiltgen matt onglécklech gin. Am prisong hâte mir zum gléck och eis agente sätzen, op de' mir zu jidder zeit rechne konnten an de' ons a muench quokleche situatio'nen onschätzbar dengschter geléscht hun. We' ech nech du hu missen fir eng zeitchen op d'musel mâchen, du krut ech all owens dur telephone'ert we' d'sâch ste'ng. Matt der hëllef vun eise guischtercher sin de' 2 déserteuren ênner sech an och mam hér Wiltgen a kontakt kom an eso' go'w et me'glech, datt hir aussoen éweré gestëmmt hun. De' 2 jongen waren e'eremänner. Si hun alles iwer sech geholl an den hér Wiltgen ass no 6 woche këscht erëm op freiefo'ss gesât gin. Am direktio'ns-bureau vu Belval ko'm ower och é klengt nospill. Nach déselwechten dâg ass d'gestapo virstelleg gin fir festzustellen, wo' de' ausweiser hirke'men, de' bis dohi nach guer nêt an zirukulatio'n waren. Hir enquête ass négativ verlâf; et sin nei schlessen op sämtlech tiräng kom, an domatt war de fall fir eis erlédegt. De bureau-personal go'w nêt weidder belâstegt a mir hâten d'päss.

Pëllen an tabletten fir eis jongen.

Och op âner mane'er kruten eis jongen gehollef, wann se op urlaub kom sin. Tablette sin hinne verschâft gin, de' si an en etlech stonnen matt enger karabine'enter giélzocht an d'lazarett bruecht hun. D'Arbed huet fir de' do'deg präparater dé ne'dege quantum u pikrinseier geliwert. D'tablette selwer huet den hér apdikter René Kayser vun Esch fêrdeg gemât.

Respekt fir eis jongen.

A we' go'w de' gewalteg hëllefesactio'n vun de réfractären selwer opgeholl a belo'nt? Mir kënnen eise jonge bescheinegen, datt si am gro'sse ganzen duerch hirt verhalten sech den affer wîrdeg erweisen hun, de' fir si op de' mane'er vun alle seiten bruecht go'wen an datt si vill verständnëss opbruecht hun, fir hir perse'nlech situatio'n a fir d'lâg vun dénen, de' si hospitalise'ert, an, duerfir ganz dack a liéwensgefôr geschwiéwt hun. Hei an do huet jo alt e bess'che me' hârt misse geschwât gin, mä dobei ass et da bliwen. D'verhältnëss zo' de familjen, de' se ênner dâg geholl hun, war iwregens dach se'er intim an ech wëss fâll, wo' se sech ge'ngt enén beholl hun we' elteren a kanner. Op all mane'er hun se der hausfrâ dengschter geléscht, grompere geschielt, gespult a ganz dack och nach selwer gekacht. War zo'fâlleg eng flott joffer am haus, dann ass et alt virkom, datt de jong och alt nach nom 10.september do bliwen ass, an aus dem réfractär go'w

den zo'kénftegen édem. De' fäll si glât nēt aus der loft gegraff, mā ech wēll keng indiskrétio'nen begoen a nimm verróden. Ech frée mech awer haut schon op d'hochzeit an op de neien hutt.

"Vom Himmel hoch da komm ich her".

Wann ech owens oder spe't an der nuecht op hém zo'gesteiert sin, eleng oder a beglédong vun engem gudde komród, an de' allie'ert bomberstaffele sin an d'dappland gefuer, da go'w a mir den drang nach me' gro'ss, fir dem preiss op all mane'er ze résiste'eren. Me' we' émol war engem schon zu o'ere kom, an der énge'gend wier én allie'erte bomber no'tgeland, o'ni datt vun der besatzong och nēnnen de' gerengste spuer hätt kēnnen entdeckt gin. Et lo'g also op der hand, datt si eng combine fond hun, fir sech dēnn ze máchen. D'chance an den zo'fall hāten hir hand am spill, an d'sāch krut é gudden ausgank. Eso' go'ng et och den 31.märz 1944. Dén dāg hāt Stuttgart nés é gro'ssugrēff. Um réckflug go'w én englēsche bomber an enger he'cht vu 7 000 méter vun engem preisesche jāger ugegraff an duerch beschoss huet den apparat feier gefāngen. Vun déne 7 mann vun der besatzong sin der 6 noenen ófgesprongen an an der ge'gend vu Weiler ass de pilot als leschten erausgesprongen a glécklech mam fallschirm geland. Den apparat wor iéwer total zerste'ert. De Klein's Pier, matt der hēllef vum hér Dondelinger, huet dem Englāner, dé muerges gengt 7 auer bei hirem haus passe'ert ass, eng stopp am bēsch ugin, an him matt hēllef vu Kaysensches Isy de' e'scht verflégong gin. Owens, ge'ngt nuecht, sin ech matt 2 veloen dé jonge mēnsch an de bēsch siche gefuer a vun dém moment u war hién a seche'ghēt. Hién hāt eng ke'er versicht wāhrend der occupatio'nszeit op Bre'ssel ze kommen, mā o'ni erfolleg. Hién ass an onsem land bliwen bis zur befreiong duerch d'Amerikaner. Seng adress ass: Ronald Dawson, 44 Asheroft, Gardens, Cocton Hill, Bishop Aukland, Co. Durham.

"A la barbe des boches....."

Iwer onsem schaffen an eiser gemeng an an der énge'gend huet é gudde schutzengel gewācht. Wann é bedenkt wāt alles do u verwége plāng geschmidd an duerchgefo'ert go'w, da frét én sech, we' et me'glech war, datt d'preisen dovu ké wand kruten an hir parteischnēffeler a gestapospitzelen der sāch nēt op d'spuer ko'men. De wanter huet ons d'arbecht vill me' licht gemāt we' d'summerme'nt. Fre' am nomētteg konnt é schon un d'ausfe'eren vun senger missio'n denken an owens, wann dentrafic op de stróssen entschlóf ass, war "alles an der rei". Frēsch an erēnerong ass mir nach dén dāg, wo' ech mam Thomas Milli vu Syren aus duerch den 30 cm. he'ge schne' matt 3 veloen op d'Sandweiler-gare gefuer sin, fir sei schwoer, de Scheer's Metty, dén aus dem lazarett ko'm, aus dem zuch ze huelen. Vill zeit hāte mir nēt, well mir op é puer plätzen me' lāng opgehāle go'wen we am programm virgesi wor. Mir si just mam zuch an d'gare agelāf, an d'kléder waren eis vum schwés un de kierper ugepcht.

De 6.november 1942, 2 dég virun der landong a Nord-Afrika, hu mir 2 franze'sch gefāngen vu Schēffleng, wo' si frēsch gekléd gi waren, mam zuch no Bierchem a vun do aus an ons parage bruecht. Mir hun se virun der nues vun der geheim-polizei ewechgeholl, well am niéwe-coupé so'tz d'gestapo matt 2 āner franzo'sen, de' och ugānge woren, an de' de pech hāten, bei Audun-le-Tiche nés agefāng ze gin. Am zuch selwer go'wen de' arem jongen engem serre'erten verhe'er ēnnerzun.

Den 8.november selwer, we' am westen allerhand neis go'w, hun d'preisen hir grenzpatrouillen verstierkt a mir waren nēt me' eso' keng,

eis zwé franco'sen am minett iwer d'grenz ze liweren. Mir hun si du op d'Maulusmille bruecht, wo' erëm é gudde Lëtzeburger, de stud.vét. Al.Schiltges fir hirt entkomme gesuergt huet. Et ware matt de' lescht Ëm de' hié sech këmmere konnt, well geschwënn drop ass hié matt ach a krach der gestapo entwëscht an huet missen ënnerdauchen bis den 10. september "eis sonn" nés iwer biérg an dal geblénkt huet.

Emol owes hun ech beim héngoen drei áner franze'sch gefängen um kreizwé zu Hesper ugetraff. Si sto'ngen beienén we' ôfgehetzt wëld, a si wo'ssten nët me' aus hirer mësslecher lág erauszekommen. Ech hu mech hirer ugeholl; mé an dém épuisse'erten zo'stand wo' ech si fond hun, ko'men si um wé fir op Didenhuewe nët me' virun a baussend Alzeng hun ech missen matt hinnen demi-tour máchen a fir si eng schlôfgeléeenhët sichen. De' hu mir fond an der scheier vum Pierre Altmann, dén, niéwebei bemirkt, matt dé beschte résistenzler war, dén Alzeng opzeweisen hát. Dén áneren dág hu mir si du matt kléder a liéwesmëttelen versuergt, mir hun se matt landkárten a matt kompass, an enger élektrescher lûcht équipe'ert a si du "à la file indienne" op Fre'seng draine'ert. Dé stomme merci, dén hinnen beim áddi aus den á geschwát huet, ass eis eso' agáng, datt matt engem schlág all me' an all suergen vergiéss waren, de' mir matt hinnen hátén.

De mann matt dénen zwé gesichter.

E vu menge beschte frënn, én dé bis zum hiérscht 1942 spëtze-léschtongen an der résistenz vollbruecht huet, huet als passeur se'er vill leidd iwer d'grenz bruecht, gehollef Lëtzeburgesch familjen matt liéwesmëttelen versuergen a matt geld, fir si vun déne preiseschen caritaswiérker onôfhängeg ze máchen, nët ze schwätzen vun déne franze'sche prisonne'er, dénen hién zu pass a kléder verhollé huet. Onglécklecherweiss go'w en am august 1942 geschnappt. No enger haft vu 7 me'nt, de' hién am gronn an zu Hinzert ôfgesiéss huet, war hién op émol nés do an huet ugin, hié wiér de preisen entláf. A wirklechkët war hién iéwer total ëngeschloen a sto'ng am dengscht vun der gestapo. Hién huet vun dé moment u nëmnen me' fir d'preise geschafft an eng gudd partie Lëtzeburger hun him et zo'zeschreiwen, wa si geschnappt go'wen an hir le'w Hémecht ni me' erëm gesin hun. Et war é gléck sonnergleichen, datt seng 2 aktivst mattarbechter, den Eugène Busana an ech, vun him nët verrôde go'wen.

Kurz no enger missio'n, de' mir vun dëser perso'n zo'gedélt war gin fir beim Dr.Kongs, beim professor Simmer, Lëtzeburg, a gendárem Glodt, Stengefort, ze passe'eren, ass den e'schten am ënnergrond verschwonnen, de professor Simmer go'w verhaft an ass zu Dachau gestuerwen, an de gendárem Glodt ass zu Stengfort erschoss gin, we' e sech wollt duerch fortláfen senger verhaftong entze'en. (Uschle'ssend an der annexe de rapport dé mir kurz no der ersche'ssong an d'hänn gefall ass.)

Ons agenten vum contre-espionnage.

En eigentleche secret-service háte mir jo nët, awer iwerall so'tzen eiser leidd, de' eis au courant gehálen hun oder gesát hun vun all dém, wát op der stróss oder an de café'e geschwát go'w. Et ass ké jong déserte'ert, d'gestapo ass ne'eren opgedaucht, da war dât schon direkt am gespre'ch, an d'commentare si nët láng ausbliwen. Bei déne gespre'cher konnte mir dann och constate'eren, we' weit d'leidd dobaussen iwer d'schaffe vun de geheimorganisatio'nen am bild waren. Hei an dô go'w och emol eng falsch nouvelle lance'ert fir d'ëffentlechkët op den irwé ze fe'eren. Me' we' émol hu mir missen zu dém

mëttel greifen,wa mir an enger mësslecher lãg waren.Eso' hãte mir et z. b. dem hãptmann,dé matt der missio'n betraut war,ze verdanken,datt mir de 6.6.1944 bei dénen 2 Hesper polizisten gelënd ewech ko'men,we' mir owes ge'ngt 12 auer jongen ëmloge'ert hun.

Deischer a schwe'er stonnen.

Oprégend dég a nuechten hu mir duerchgemãch,we' d'gestapo 2 vun eise réfractairen aus der fre'erer freiwëllege compagnie geschnappt huet.Si so'tzen zu Millbech verstoppt,et war de Biwer Théo an de Flam-mang Léo.En ânere schwãrzen dãg war den 8.1.44.De Pol Sand vu Fenteng war a spezialmissio'n a Frankreich geschéckt gin fir eise Lëtzeburger jongen eng nei route iwer d'franze'sch grenz virzeberéden.Et war alles gudd gãngen,nëmnen um réckwé go'w hié gepëtzt an dât war fir eis é be'se schlãg.

Beim e'schte bombardement vun der stãdt,de 9.5.44,war eis sec-tio'n schwe'er verléen fir d'secherstellong vun de réfractairen,de' aus hire stoppe fort hu missen,well ausgebombt familljen an de' heiser ge-sãt go'wen.Op enger plãtz,wo' si zu 4 beiené verstoppt waren,ass én an d'Belsch gãngen an du vun de preise verhaft an zum do't verurdélt gin. Dorop hun de' âner 3 d'blãt och misse botzen.

Vun déne jongen,de' zu Alzeng eng zeit ënner dãch ko'men,huet én eis ganz ëmge'gend a gro'ss gefôr bruecht,Seng nerven hun de nazi-erpressongen nët stand gehãlen an an engem schwãche moment huet hién de Mich.Basch an de Josy Schmitz dénonce'ert,de' fir hién d'liéwen op d'spill gesãt hãten.Den 1.6.44 dorop de Mich.Basch verhaft an 8 dég me'spe't,de Schmit Josy.

Duerch eis gudd Lëtzeburger guischercher hun si eis awer matt-déle lôsst,datt duerch si kén âner a gefôr wir,an trotz dem schwe'eren, dât si iwer sech hu missen engoe lôszen,ass ké wuert iwer hir zong kom,wãt engem drëtten hãtt kënne schueden.Lãng hu mir fir hirt liéwe ge-bãngt a fro' si mir haut,datt si allen zwé gesond an d'Hémecht erëm kom sin.

Ons stoppen aus der gemeng.

- Hesper.....:d'familjen Dondelinger Florentin,Engel Marie,Faber Math., Jomé Paul,Jomé Pierre,Kaysen soeurs,Café Kunsch,Café Lang, Reding Nic.,Schlim Pierre,Thoma Camille,Thoma François, Wagner Eug.,Waringo Gust.,Zieser Mathias.
- Alzeng.....:d'familjen Basch Mich.,Braun Em.,Braun Jean,Joffer Goddard, Remackel Jos.,Rottreau Georges,Schiltz Nic.,Schmit Jos., Schneider Jean,Walentyne François,Wester Nicolas.
- Fenteng.....:mille Gantenbein.
- Itzeg.....:Felten.
- Syren.....:Brauch Math.,Christen Jos.,Hoffmann Jos.,Kieffer Nic. Kinsch Mich.,Kinsch Nic.,Loes Nic.,Reiter Jean,Robert Ed., Timmer Pierre.
- Conter.....:Altmann Mich.,Haan Pierre,Hansen Eug.,Houertz Théod.,Jaas Jos.,Manderscheid Al.,Medinger Ed.,Mullenbach Jean, Dr.Rischar Ch.Ed.
- Millbech....:Wiltgen Jos.
- Hassel.....:Steichen Edmond.
- Lampersbiërg:Schmit Emile (ingénieur).

Eis krank "jongen".

D'situatio'n vun eise jongen an de bunkeren a vun hire "patron-en" war oft nët ganz roseg.Et lo'g iwer dem ganze maquis eng atmos-phère vu risiko,oprégong,onsecherhët,bestänneger alarmberëtschaft. D'nerven hun de' ganz zeit duerch keng détente kannt. D'situatio'n

go'w fir de' zwo' seiten matt engem schlag duebel gefe'erlech, wann é vun de verstoppte krank go'w. An dach hu mir och dann nimôls d'o'ären hânke gelôss oder d'hänn an de scho'ss geluecht. Wo'fir hâte mir dann eis gudd Lëtzeburgesch dokteren, chirurgen an dentisten? Iwre'gens sin ech fro', fir hinnen hei op dëser plätz am num vun der ganzer résistenz a vun onse jongen é gudd Lëtzeburgesch merci ze soen fir hir echt an de'w patriotesch haltong, de' si an déne schwe'eren zeiten vis-à-vis vun eise "kranke" jongen bewisen hun.

Zum gléck hâte mir hei an onsem rayon nëmmen eng beschränkt zuel vun déne krankhëtsfäll; de' intressants dervun sollen hei matt e puer wuert ervirgehewe gin.

Zu Zolwer lo'g é jong matt akutem blinddarm. Den dokter hât sein auto zur dispositio'n gestallt, mé et huet um benzin gefélt. Fir dén hu mir zu Hesper gesuert. Mir hun dé ne'dege quantum op Esch bruecht, de jong go'w zu Lëtzeburg opere'ert, e kuem nés zréck an et huet emol kén sei richtege num gewosst.

En ânere vun eise réfractairen lo'g 6 wochen am bett matt engem we'e fo'ss. Wann et eng ke'er brenzlech gi wär, da wär hié matt égene kräften keng 100 méter weit kom. De' ganz zeit huet d'madame vum haus hién gehégt a geflégt, bis de' 2 dokteren, de' fir song behandlong erugezu gi waren, hién définitiv op d'bén bruechten.

Hât émol én 'zennwe' datt en d'péng nët me' hërde konnt, dann huet en nët breichte läng op én dentiste ze wården an d'péng hât geschwënn én enn. Duerno ass dann bei enger fläsch wein oder enger gudder drépp de fall vun dém be'sen bákzant matt der veréterter wuerzel nach eng ke'er besprach gin, et go'wen allerhand säfteg erliéwnësser erzielt an zum dacksten go'w och nach gudd lãnscht de' "knaschteg" preisen a nazie gemächt.

Et siéw mir erlãbt, hei nach vun engem ganz aparten a kritesche fall z'erzielen. Entzwo' an der stuff so'tzen en etloch réfractairen matt leidd vun der familjen zesummen. E vun de borschten huet un engem amerikaneschen 12 mm.-revolver hante'ert. Op émol go'ng de kérel lass, d'kuge duerchsle't dem jong vum haus den arem, kënnt an de kiérper a bleiwt virun der wirbelseil stiéchen. A spe'der nuecht go'w den dokter erbei getrommt an de blesse'erten an d'klinik bruecht. En dausend gléck, d'affaire huet é gudd enn kritt a no enger gudder a mëschterlecher behandlong vun 2 wochen konnt de jonge mësch nés hémkommen. Um arem hât hié nëmme me' eng fléschwonn an d'kugel, de' duerch d'ëmstãnn nët konnt duerch eng opératio'n ewechgeholl gin, huet sech sche'n a brav bei der wirbelseil agekapselt.

En ânere fall. E vun eisen déserteuren hât seng pabeieren an der rei fir vun de passeuren a Frankreich geliwert ze gin. Mé en hât ausschlag am gesicht an d'Franzo'sen hun den arme jong zréck geschéckt, bis hié ganz gesond wiér. Du huet eng familjen de jong an d'flég gehollt. Enner der controll vun engem dokter, dén all puer dég passe'ert ass, go'w un him geplãkt a geple'schtert, bis en erëm hirgestallt war an dé gro'sse "salto mortale" riske'ere konnt.

Vun zeit zu zeit, normaler weiss all dre't oder ve'ert woch, ass och é Lëtzeburger coiffeur an de bunkere passe'ert, fir datt ons jongen hir fassung behãle sollten. Op plätzen, wo' dât nët licht me'glech wor, do huet alt de jong vum haus d'pérék e wo'neg an der richt gehãl, mé d'bãrt hun d'réfractairen sech dann zum dacksten wuesse gelôss. Mir hun jo den 10. september dér Jesusbãrt eng onmass aus de stoppen erauskomme gesin.

Eng intressant episode aus der Résistenzzeit.

E jonge mënch, dé schon 1940 als member vun der lëtzeburger freiwëllege-compagnie de schmôdege gank no Weimar mattgemâch, a we'nt senger streng patriotescher haltong schon dômols matt prisongs- a kazettliéwen bekanntschaft gemâcht huet, ko'm 3 wochen op urlaub an ass du, we' eso'vill âner vun onsen urlauber, am "underground" verschwonnen. E gudden dâg kruet hién d'naupen fir sech ze bestueden. Seng freiesch, é flott médchen aus dem minett, huet dât selwecht gewënscht, wât e'schter, wât le'wer. O'ni vill ëmstänn ze mâchen, go'w du den dâg vun der hochzeit festgeluegt, an all préparative getraff.

De patron, bei dém de breitjemann verstoppt so'tz, war virum krich buergermëschter an doduerch war schon eng hâptfrô vu virera gele'st.

Eis braut war schwârz a weiss geklét an dem breitjemann so'tz mei brautcostume ewe' ugegoss. D'biller vun der Grande-Duchesse a vum Prënz Jean go'wen opgehângen, de buergermëschter huet no länger zeit erëm seng national schârp ugedoen, an den acte de mariage ass du matt aller festlechkêt virgeholl gin, de' d'ëmstänn erlâbt hun.

Fir den denkwirdegen ablack festzehâlen, hât mei frënd Batt seng leika mattbruecht an eng hallef doze biller geholl. Duerno go'w du d'hochzeit gefeiert bis spe't an d'nuecht eran.

D'kirchlech cérémonie, de' och envisage'ert an zum dél schon organise'ert war, huet leider nët me' stattfond. Eng kurz zeit drop go'w eise réfractaire, dé mir eso' gelënd ënner d'hauff bruecht hâten, erëm vun der gestapo geschnappt an ass eng zwéte ke'er an d'kazett kom. Zum gléck huet hién de' rei vu strapazzen gudd iwerstân a we' hién erëm an senger Hémecht ukom ass, du konnt sei klenge fissi schon dichteteg papp ruffen.

No der libératio'n hu mir dem parquet de' lëtzeburgesch krichs- trauong an maquis mattgedélt, an den acte de mariage go'w honnert- procenteg légal erklârt a ratifize'ert.

De ravitaillement vun onse jongen.

Finanziell suergen huet eis organisatio'n, we' schons viraus bemirkt, nët kannt. Familjen, de' duerch hir patriotesch haltong, oder membren, de' duerch d'résistenz gengt de preiss, a no't waren, si vun eis regelmâsseg ënnerstëtzt gin, we' wann si op enger plâtz oder an enger verwaltong beschäftegt wiéren. Mir hun 330 245 frang verdélt an all eisen donateure soe mir villmôls merci. Jidderén, dén eis duerch geld gehollef huet, ka nach haut, wann et ne'deg ass, duerch é certificat bescheinigt kre'en, datt en der résistenz während der occupatio'n eso' an eso' vill beigesteiert huet.

Wann ons réfractairen emol bis eng stopp fond hâten, da war do- matt é gro'ssen dél vun der organisatio'n hirer aufgâb gele'st, mé nach läng nët ëmmer dé schwe'ersten. Si hâten dann och nach derfir ze suergen, datt all jongen gefiddert o'wen, an de' mëscht vun hinnen hâtte matt enger schwe'er-arbechter-ratio'n knapps genach gehât.

De ravitaillement war am wanter me' licht ze mâchen we' am summer. Eng gro'ss zuel vun de jongen war an eso' heiser verstoppt, wo' d'leidd selwer op hir liéwesmëttelen ugewise waren. Duerfir

huet d'organisatio'n vum ravitaillement missen op enger bréder basis opgebaut gin, an si hât domatt dack me' a suerge genug, fir de' onmass vun hongrege mënner ze stoppen. Et hu wuelverstânen vill baue-
ren eis ënner d'ärem gegrâff an si hu keng arbecht a kén affe-
rscheit, wann et gehéscht huet: "Et ass fir d'jongen."

Matt miél go'we mir vun der Gantebésmille versuergt. Vill
balle miél huet d'famill Gantenbein gratis geliwert an ass et émol
matt de mueltické'en fir d'preisesch buchführung guer nêt duergang,
dann hun d'baueren hire wéss an d'mille gefo'ert an d'organisatio'n
hât eso' vill kilo miél op hirem konto stoen. Si huet dann duerfir
gesuergt, datt alles richteg verdélt an op de' betreffend plátze
bruecht go'w. D'jonge konnten sech an dér sâch guer nêt bekloen,
well d'famill Gantenbein hât sech zum prinzip geholl: wann d'jonge
scho bro't o'ni tické'en iéssen, da sollen si och weiss bro't
iéssen.

Mé et stét schon an der Hl.Schrëft, datt de mënch nêt vu bro't
eleng liéwt. Och flésch huet missen a gro'sse quantite'ten erbeige-
schafft gin. Wién ziélt de' ke', kâlwer a schwein, de' zo' dém zweck
schwârz geschluecht go'wen. An de' onmass vu firkelen, de' an de
mëllechkânen duerch d'land geschéckt go'wen. Ons gudd Lëtzebuerger
metzler hun och an dér sâch hire mann gestallt a fir d'Hesper ge'-
gend hâte mir de metzler Kunsch engage'ert, dém seng fachmânesch ar-
becht der sâch vun de jongen eso' gro'ss dengschter geléscht huet.

Am wanter vun 1943-1944 hât eise secteur eleng u gromperen 60-
70 zenner ze liweren. D'iebëssen go'wen nêt bâl ënner 50 pond akâft.
War dann eng sendong vu liéwesmëttelen ukom, da sin de' énzél por-
tio'nen ënner all me'glechem camouflage un de' verschidden adressen
ôfgângen. An eis jongen konnten trotz preiss a gestapo dank dem dé-
vouement vun den organisatio'nen an déne gudde Lëtzebuerger, an hirer
stopp den dâg vun der libératio'n ôfwârdén, o'ni no't ze leiden.

Datt eis preisesch polizeistatio'n stârk drop aus war, fir
d'nascht vun der organisatio'n opzehléwen, ass eis kloer gin duerch
én telefongespre'ch, dât mir opgefângen hâten, wo' de chef vun der
polizei op Lëtzeburg telefone'ert huet: "Wir sind denen jetzt auf
der Spur die die Jungen mit Lebensmitteln versorgen". Et war we' eng
gro'ss course, de' d'résistenz am emballage gewonn huet.

Vill lëtzeburger bludd ass fir de' helleg cause geflass an et
wiér eisen hellegste wonsch wann eist klengt ländchen fir all e'weg
zeiten virun eso' enger zwéter pro'f verscho'nt ble'w.

E rapport iwer d'activite't vun der résistenz, eso' komplett we'
en och ka sin, gét ni dât erëm, wât tatsächleg geléscht go'w. Den
zweck vun dëser klenger iwersicht ass och nêt fir d'mériter vun der
résistenz ervirzestreichen; si soll nëmmen de beweis liwren, datt et
zu jidder zeit an zu jidder stonn désintresse'ert leidd gin, de'
d'gefill fir d'Hémecht iwer alles stellen. De' selwecht leidd fueren
och haut nach virun, gengt all wiéselfäll, all jalousie an och on-
dankbarkêt dem idéal aus dem krich trei ze bleiwen; d'freihêt an
d'le'wt zur Hémecht.

Den hér Pierre Frieden huet de 14.11.1944 an der Unio'n geschri-
wen: "Camarades de la Résistance, le temps de la résistance n'est
pas fini. Rien n'est jamais fini en histoire, tout commence à tout
moment. Pour réaliser de grandes choses, il faut d'abord y croire."

De' wiérder sin haut, me' wé jé, vun de'wer bedeitong.

Ech schle'ssen dé klengen exposé matt engem auszoch aus engem bre'f vum "Jean Charles" vum 23.juli 1944 un de comité central vun der Unio'n:

" Irgendwo' a Lëtzeburg.
 "
 "
 ".....Nët nëmmen ons matériell existenz affere
 "mer, mā wann d'land et verdengt, musse mer eso'-
 "guer onst liéwe frédeg hi gin fir de' gro'ss
 "sách, als ebenbürteg partner vun déne villen
 "zaldoten, de' un de fronten dobaussen an am land
 "fâlen. Dann hu mir alles verluer, mā ons e'er
 "de' glänzt matt gëldene buchstowen um firmament
 "vun der Lëtzeburger freihêt.
 "
 "

+ +
+

Ech gin hei verschidde bre'f am texte erëm (o'ni irgend eppes drun ze change'eren) we' ech se kritt hun an de' sech op fait'e beze'en, de' an dësem exposé ervirgehewe sin.

D'resistenz am dengscht vun de franze'sche prisonne'er (seit 5).

Lucenay-les-Aix, le 10.10.45.

Monsieur,

Je fus étonné et navré ce matin lorsque dans ma boîte-aux-lettres j'ai retrouvé la réponse à votre lettre du 22 juin, qui malheureusement était restée poste-restante. En juillet, quand ma femme a reçu votre lettre et qu'elle m'a envoyé, j'étais encore soldat (maintenant civil) et par inattention j'ai oublié de déposer ma lettre à la boîte, chose qui peut arriver qu'à des soldats. Je m'en excuse profondément, aujourd'hui de ce grand retard, ni pardonnable.

Oui en effet je me rappelle parfaitement de vous Monsieur Jomé, qui m'aviez recueilli lors de mon passage au Grand-Duché et vous en remercie beaucoup de tout ce que vous avez fait pour moi et mon camarade. Je suis arrivé avec mon camarade en très bon port. Nous étions en zone dit libre le 19 novembre 1942. Notre évasion a duré 24 jours, si elle a été longue, elle a été sûre, grâce à de nombreux résistants.

J'aimerais que vous remerciez et donneriez mon amical souvenir de ma part à la brave famille dont je ne me souviens de leur nom, qui m'a hébergé pendant 4 jours.

En un mot, je n'oublierai jamais tous les bons luxembourgeois qui m'ont favorisé mon évasion aux risques de leurs vies.

Ce sera avec joie, Monsieur Jomé, que lorsque vous aurez l'occasion de venir en France, que je vous recevrai chez moi, ainsi que vos amis qui ont tant fait pour nous.

Chez moi aussi, nous avons fait de la résistance, le départ au maquis efficace était en juillet 1944 j'ai refais encore 14 mois de militaire.

Sur ce Monsieur Jomé j'espère que vous êtes en parfaite santé et qu'il n'y a pas eu trop de casse dans votre région dans cet espoir, je vous prie de croire à mes meilleurs sentiments.

(s) Jean Vergos

Lucenay-les Aix (Nièvre)

Ecuelles, le 26 juin 1945.

Monsieur,

Très heureux d'avoir reçu votre lettre je m'empresse de vous donner de mes bonnes nouvelles. Je me souviens très bien de la nuit que vous me parlez. C'est grâce à vous si je n'ai pas été pris par les boches plus tôt. Grâce à vous j'ai pu continuer mon évasion un peu plus loin. C'est-à-dire jusqu'à la frontière où la chance nous a abandonnés. Mais ce n'est pas votre faute car vous avez fait pour nous tout ce que vous avez pu et je vous en remercie infiniment. Puis nous avons été repris par les gardes frontières à Neufelsref. La nuit que nous avons tenté de passer. Vous voyez nous n'avons pas eu de chance. Ceci se passait en novembre 1941. Après, cher Monsieur, j'ai fait quatre autres tentations d'évasion sans plus de chance. J'ai été au camp de représsailles de Pologne sur la frontière russe. Là les boches nous ont fait voir. Voici deux jours que j'ai reçu des nouvelles d'un des camarades que vous avez connu; il est bien aussi rentré chez lui. Le troisième, je n'en ai eu encore aucune nouvelle, j'ai été libéré le 29 avril par les Anglais entre Brême et Hambourg, je suis rentré chez moi le 17 juin très heureux de retrouver ma famille en bonne santé. Cher Monsieur, encore une fois merci de tout ce que vous avez fait pour moi et surtout remerciez bien votre ami le paysan qui nous avait cachés dans sa grange; je garderai toujours un bon souvenir de ma traversée du Grand-Duché de Luxembourg et de l'aide que nous avons reçue par vous. Croyez bien que j'aurais préféré vous revoir pour vous serrer cordialement la main comme il se doit. Si quelquefois vous passiez en France, pas très loin de Paris venez me voir vous y serez toujours bien reçu.

Veillez accepter mon amitié reconnaissante.

De Jean France.

Fourchambault, le 13 août 1945.

Monsieur,

C'est avec un grand plaisir que j'ai reçu votre lettre du 22 juin, me demandant si je me souviens de vous, sachez bien, Monsieur, que de ma vie je ne peux oublier ce que vous avez fait pour moi et mes deux camarades, au cours de notre évasion en novembre 1941.

Maintenant Monsieur je vais vous expliquer la suite de notre mouvementé voyage, après vous avoir quitté sur la route, nous arrivâmes au matin à Terreville vers 3 heures, un de mes camarades étant malade, il fallut nous arrêter dans une baraque, où dans la matinée nous fûmes découvert par un jeune homme qui fut aussi un de nos bienfaiteurs. A la nuit il nous emmena chez lui et nous procura des effets civils et le lendemain 10 heures du soir il nous dirigea sur Hayange, où là arriva notre malheur. Le temps trop clair pour tenter le passage de la frontière à pied, nous décidâmes de nous introduire dans la gare, ayant été informé qu'il y avait un train d'ouvriers le matin, partant pour Homécourt et que de nombreux prisonniers passaient par cette combine. Mais à une heure du matin nous fûmes repérés par des agents de la Gestapo qui nous arrêterent.

Après ce fut le retour pour l'Allemagne. Trois mois de camp de concentration, et ensuite je repartis en Kdo. normal où après deux mois je m'évadais de nouveau, cette fois-ci, je fus repris en traversant la Sauer en bas du Luxembourg à 28 km. de Trèves et après un mois et demi de prison au camp de Limbourg je fus déporté en Autriche et travaillais à Vienne, à partir de ce moment, n'ayant plus de zone libre en France, j'abandonnais toute idée d'une nouvelle évasion.

Je suis de retour dans ma famille depuis le 17 mai, mon état de santé n'étant pas très satisfaisant je suis toujours convalescent.

Monsieur comme vous m'avez dit que vous veniez souvent en France, si toutefois vous passez dans la Nièvre, n'oubliez pas, de venir nous voir; ce serait un plaisir pour moi et ma femme de vous recevoir.

Veillez je vous prie transmettre mon bon souvenir au Monsieur

qui nous hébergea dans sa grange, et nous restaura si bien.
Avec mon bon souvenir recevez Monsieur mes sincères salutations.
(s) Léonel Moureau
7 rue St.Louis
Fourchambault (Nièvre)

"Vom Himmel hoch da komm ich her" (seit 12).

9 White Burn Street,
Hebburn-on-Tyne.
co. Durham (England).

15th september 1947.

Dear friend,

It is indeed a great pleasure to hear from you. As you say in your letter, I cannot remember your name but I do remember coming from the woods to your house at night time. I also cannot remember staying with you for two days, but as so much happened to me in so short a time, I'm sure you must be correct.

One thing I do remember, and that is, I was able to get a good wash in your house the first since I baled out of my aircraft and I felt very comfortable. Also that I was given my first meal of egg and sausage and that you gave me several packets of your cigarettes and I know that they were very hard to get. Do you remember how we all drank wine together and how I laughed when your wife brought those clothes to me and Mr. Scholtes explained that I must be dressed as a woman to be able to get by the Germans in case we were stopped for identity cards.

Enough of reminising, lets get down to present day occurrences. Since returning hom from Luxembourg I have been married but unlike you I have no children. I have not a photograph of my wife and myself together, but I send you one of myself and a friend taken about a year before we met.

I am indeed glad to hear that you and your family are all in the best of health and I and my wife congratulate you and your family on the increase you have had.

You speak of our mutual friend Mr.Scholtes, do you see him often? If so, I would very much like you to pass on my new address, to him. I have written to him several times but I must get his address wrong, and consequently I have not had a reply to my last letters and I would so like to hear from him.

Also since leaving you I have left the Royal Air Force and joined the Durham Country Police Force.

I am trying to send all my friends in Luxembourg and Belgium food, but at the present time I can only send my own rationed food (this is a law passed by the Government), and as you know we are in dire need of food in England and under strict rationing, but as soon as I can I will send a parcel to you.

Write soon friend and kind regards to all at Hesperange and from myself I say, as this is my opportunity, thank you from the bottom of my heart for all that you have done for me, I shall always be indebted to you.

Gratefully Yours,
Your sincere friend
Ronald Dawson

De mann matt dénen zwé gesichter. (seit 13).

Bericht. Betrifft Erschiessung des luxemburgischen Gendarmen Eugen Glodt der Gendarmerie-Station in Steinfort.

Am 21.4.43 gegen 16 Uhr, wurde Abteilungsführer der Gendarmerie Bez.-Leutnant der Gend. B a u m b a c h aus Luxemburg, Kreuzdrüнден N° 43, mit 2 höheren deutschen Gendarmeriebeamten in der Privatwohnung des luxemburgischen Gendarmen Eugen G l o d t der Gendarmerie-

Station in Steinfort vorstellig und forderten ihn, nach der üblichen kameradschaftlichen Begrüssung, auf Zivilkleidung anzulegen. Leutnant BAUMBACH stellte dann den Gendarmen GLODT wegen "Landesverrat" usw. zu Rede, erklärte ihn für verhaftet und er würde zwecks Untersuchung der Gestapo in Luxemburg vorgeführt werden. GLODT leugnete das ihm zur Last gelegte hartnäckig ab. Nachdem derselbe Zivil angelegt hatte, machte er in Gegenwart der deutschen "Kameraden" einen Sprung zum Fenster, öffnete dasselbe, sprang in den ungefähr 2 Meter tiefer gelegenen Hof der Gendarmeriekaserne und flüchtete. Leutnant BAUMBACH nahm die Verfolgung von Glodt unverzüglich auf. Nachdem Glodt einen 1,50 Meter hohen Zaun überklettert hatte, welcher die Flucht wesentlich erschwerte, war BAUMBACH bei ihm und rief ihm zu von der Schusswache Gebrauch zu machen. GLODT liess sich nicht einschüchtern, sondern rannte in wilder Verzweiflung in Richtung Wald und belgischen Grenze weiter. BAUMBACH hatte GLODT bereits zweimal ins Bein getroffen und traf ihn beim dritten Schuss ins Herz. GLODT lief noch einige Meter weiter und fiel 1 Meter vor einer Sandgrube, welche ihn vor einer weiteren Verfolgung geschützt hätte, tot zusammen.

Bei der vorgenommenen Durchsuchung in der Wohnung von GLODT wurden verschiedene Briefe und Schriftstücke vorgefunden, welche GLODT des "Landesverrates" überführten. Der genaue Inhalt der Schriftstücke ist, wegen Abfassung in französischer Sprache, nicht bekannt. Die Durchsuchung förderte weiter einen Kompass und eine Landkarte (Taschentuchmuster aus Seide) zu Tage, welche Gegenstände von dem englischen Flugzeugabsturz in den frühen Morgenstunden des 11.4.43 bei Kōrich (Steinfort) herrührten. Etwaige Schriftstücke, welche andere luxemburgische Kameraden in diesen Fall hineinziehen würden, wurden nicht vorgefunden.

GLODT wurde des öfteren im nahen Belgien gesehen und in letzter Zeit wurden dessen Zusammenkünfte daselbst überwacht. Die ein- und ausgehende Korrespondenz von GLODT stand ebenfalls unter Bewachung.

Die Ehefrau GLODT wurde wegen Beihilfeleistung ihres Ehemannes verhaftet und der Gestapo in Luxemburg vorgeführt.

GLODT wurde am 23.4.43, gegen 16 Uhr, auf dem Liebfrauenkirchhof in Luxemburg unter den armseligsten Verhältnissen wie ein Schwerverbrecher beigesetzt.

++

++

++